

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. Mäerz 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Laut den Aussoe vu Vertrieder vum „Observatoire national de la qualité scolaire“ (ONQS) an der parlamentarescher Educatiouns-Kommissioun vum 29. Mäerz gi bei ronn engem Véierel vun de Kanner bei der Sclarisatioun Réckstänn an/oder aner Problemer am Sproocheberäich festgestallt.

An deem Kontext wéilt ech folgend Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kann den Här Minister d'Entwécklung vun der Unzuel vu Kanner mat de beschriwwene Problemer vun 2013 bis elo dokumentéieren, opgeschlësselt no Joer?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.



Martine Hansen
Co-Fraktionspräsidentin



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7834 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen

D'Erkenntnisser, déi mir mam systemateschen Depistage duerch de Centre de Logopédie konnte gewinnen, ginn an déi selwecht Richtung wéi d'Analyse vum Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire (OEJQS). Et kann een bei ca. 20 % vun de Schüler am Cycle 1 Réckstänn an aner Problemer am Sproocheberäich observéieren:

<i>Année scolaire</i>	<i>Total élèves (cycle 1.1/cycle 1.2/cycle 1 rallongé)</i>	<i>Fäll vu Schwieregkeeten an der globaler Sproochentwécklung</i>	<i>%</i>
2013/14	10 728	2 194	20 %
2014/15	10 926	2 158	20 %
2015/16	10 973	2 181	20 %
2016/17	10 961	2 409	22 %
2017/18	11 234	2 428	22 %
2018/19	11 726	2 158	18 %
2019/20	11 880	2 135	18 %
2020/21	12 104	2 445	20 %
2021/22	12 372	2 387	19 %

Net heidrënner fale Kanner, déi nach Problemer am Lëtzebuergeschen hunn, obschonn se hir Éischtsprooch gutt schwätzen, Kanner, déi isoléiert Problemer am Beräich Artikulatioun hunn (z.B. lispelen oder phonologesch Prozesser) a Kanner, déi tuddelen oder e Mutismus opweisen.

Eng Analys vun deenen Zuelen erméiglecht, eng relativ Konstanz ze observéieren. Et muss een awer och wëssen, dass den Diagnostic déi lescht Joren evoluéiert huet, an deem Sënn, datt d'Norme vu Sproochentwécklungstester respektiv evozéierte Sproochanalysen ugepasst goufen.

Doriwwer eraus weess een aus der Fuerschung, datt „troubles du développement du langage“ (ugebuer) méi oder wéineger konstant bleiwen (6-8 % vun enger Populatioun), 1-2 % heivunner hunn eng staark ausgepräagte Stéierung, an datt „difficultés du développement du langage“ (Schwieregkeeten) an der Sproochentwécklung zouhuelen, v. a. opgrond vun dacks komplexe méisproochege Milieuen.

Am Cycle 1 läit e grouse Fokus op der sproochlecher Bildung vun de Schüler, opbauend op der lëtzebuergescher an der franséischer Sprooch, an der Valoriséierung vun de Sproochen, déi d'Kanner matbréngen. D'Kanner gi vun hirem Enseignant ënnerstëtzt an entwéckelen hir sproochlech Kompetenzen an Alldagssituatiounen, am Fräispiell oder a geplangten Aktivitéiten.

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH